N°5878
Reçue le 04.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 04.03.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Déi russesch Regierung huet ugekënnegt, Persoune mat net ukrainescher Nationalitéit, déi sech op Säite vun der ukrainescher Regierung u Kampfhandlunge bedeelegen, als irregulär Combattanten ze behandelen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Huet d'Regierung Kenntnis doriwwer, ob Leit aus Lëtzebuerg sech wëllen u Kampfhandlungen an der Ukrain bedeelegen? Falls jo, wéi gedenkt si heirop ze reagéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 5878
Reçue le 14.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vum Här Verdeedegungsminister a vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 5878 vum 4. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert „combattants irréguliers"

D'Regierung huet momentan keng Kenntnis iwwert Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen a sech décidéiert hätten, an der Ukraine op der Säit vun den ukraineschen Truppen ze kämpfen.

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL